N°1692
Entrée le 19.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.12.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Energie weiderzeleeden.**

D'Regierung huet sech dozou verflicht (iwwert den Klima- an Energieplang), dass bis 2030 sollen 49% Elektroautoen op eise Stroosse rullen. Wat méi Elektroautoe fueren, wat manner Dreifstoff wäert verkaf ginn. Am Budget pluriannuel rechent d'Regierung mat manner Steierrecetten (Accisen) um Verkaf vu Sprit. Vun 2024 bis 2028 sollen d'Recetten ëm ronn 10% erofgoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill manner Liter Dreifstoff wäert an den nächste Joren, bis 2028, verkaf ginn?
2. Ass et sënnvoll, an deem Kontext, wou manner Dreifstoff soll verkaf ginn, fir hei am Land nach weider grouss Tankstellen mat méi Zapsäilen ze bauen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten